adr
Alternativ Demokratesch Reformpartei
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. November 2021

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Zënter méi wéi annerhallwem Joer deelt d'Regierung am Kader vu Corona respektiv Covid-19 dagdeeglech Fallzuele mat. Et sinn dës Zuelen, besonnesch d'Neiinfektiounen an Hospitalisatiounen, déi d'Regierung dann och als Grond fir déi erloosse Moossnamen a Restriktiounen nennt. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, datt et hei net zu Mëssverständnesser kënnt. D'Zuelen, déi all Dag aktualiséiert an de Leit vermëttelt ginn, loossen awer vill Raum fir Spekulatiounen, doduerch, datt si net differenzéiert an detailléiert genuch duergestallt ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Firwat gëtt der Vollstännegkeet halber
   - bei der Zuel vun den Neiinfektiounen net och gesot, wéi vill vun dëse positiv geteste Persounen da Symptomer haten a wéi vill keng Symptomer haten?
   - bei der Zuel vun de gemaachte PCR-Tester, onofhängeg vum Resultat, net och gesot, wéi vill vun dësen Tester mat Symptomer gemaach gi sinn a wéi vill ouni Symptomer?
2. Bei den Zuele vun de PCR-Tester gëtt et d'Kategorie „sur/sans ordonnance". Dës Ënnerdeelung vun den Zuelen ass relativ schwammeg a kann zu feelerhaften oder falsche Schlëss féieren. Dës Kategorie kann een dann och net notzen als Unhaltspunkt, fir ze wëssen, wéi vill vun de gemaachte PCR-Tester oder positive Resultater mat Symptomer verbonne waren. Net jiddereen, deen e PCR-Test op Ordonnance mécht, huet och Symptomer oder ass krank. Doktere verschreiwen de PCR-Test z.B. och viru bestëmmten Ënnersichungen, Agrëffer, an Openthalter am Spidol. A wann een de PCR-Test ausserhalb vum LST an ouni Ordonnance mécht, heescht dat och net, datt déi Leit musse Symptomer hunn oder sech krank fillen. Hei ginn et och vill aner Grënn, wéi z.B. en néidege valabelen negativen Test, fir un engem gesellschaftlechen Evenement kënnen deelzehuelen, fir eng Vakanz oder och fir d'Aarbecht oder eng bestëmmten Institutioun.
   - Wat genau ass den Zweck vun dëser Kategorie, respektiv dëser Ënnerdeelung? Wat soll hei verdäitlecht ginn?
   - Firwat gëtt dës Kategorie net méi differenzéiert opgeschlësselt, esou datt d'gesondheetlech Konditioun ënnert där getest gouf an den Zweck vum Test och berécksiichtegt ginn?

3. Ass d'Madamm Gesondheetsminister gewëllt, dofir ze suergen, datt an deem Sënn méi Transparenz an déi hei genannten Zuelen a Kategorië respektiv Ënnerdeelunge bruecht gëtt? Wann nee, firwat net? Wa jo, ass d'Madamm Minister bereet, dëst direkt ëmzesetzen?
4. Kann d'Madamm Gesondheetsminister erklären, wéi déi ëmmer aktualiséiert Zuel beim „Suivi de la pandémie" vun den aktiven Infektiounen („nombre d'infections actives") berechent gëtt? Wéini gëllt een als Persoun mat enger „aktiver Infektioun" a wat sinn d'Viraussetzungen an d'Krittären, déi fir dëse Status berécksiichtegt ginn?
5. Kann d'Madamm Gesondheetsminister erklären, wéi déi ëmmer aktualiséiert Zuel beim „Suivi de la pandémie" vun de geheelte Persounen („nombre de personnes guéries") berechent gëtt? Wéini gëllt eng Persoun als „geheelt" a wat sinn d'Viraussetzungen an d'Krittären, déi fir dëse Status berécksiichtegt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, rue Notre-Dame • L-2240 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742**